ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. September 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madame Banneminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro No. 1220 ass d'Madame Banneminister op verschidde juristesch Considerationen agaangen, déi e Member vum Gemengerot betreffen. Den Artikel 20 vum Gemengegesetz bezitt sech awer och op de Buergermeeschter an op d'Membere vum Schäfferot.

> *"Art. 20. Il est interdit à* ***tout membre du corps communal****, au secrétaire et receveur: 1° d´être présent aux délibérations du conseil communal* ***et du collège des bourgmestre et échevins*** *sur des objets auxquels il a un intérêt direct, soit personnellement, soit comme chargé d´affaires ou fondé de pouvoir ou auxquels ses parents ou alliés jusqu´au troisième degré inclusivement ont un intérêt personnel et direct. Cette interdiction s´applique tant aux discussions qu´au vote; 2° d´intervenir comme avocat, avoué ou chargé d´affaires dans les procès dirigés contre la commune. Il ne pourra, en la même qualité, servir la commune, si ce n´est gratuitement; 3° de prendre part, directement ou par personne interposée, à aucun marché de travaux, de fourniture ou de services pour la commune. Cette interdiction s´applique également aux sociétés civiles, en nom collectif, en commandite simple ou à responsabilité limitée dans lesquelles* ***le membre du corps communal****, le secrétaire ou le receveur est associé, gérant ou mandataire salarié ainsi qu´aux sociétés par actions ou coopératives dans lesquelles il est administrateur chargé de la gestion courante ou employé dirigeant. Cette interdiction s´applique encore aux sociétés par actions et sociétés coopératives dans lesquelles* ***un membre du collège des bourgmestre et échevins*** *appartient au conseil d´administration. L´interdiction visée aux alinéas qui précédent sub 3° ne s´applique pas aux fournitures et prestations urgentes de faible envergure faites par un commerçant ou artisan, lorsqu´aucune autre entreprise de la même branche n´existe dans la commune ou dans le voisinage."* (Fettdrock vu mir)

Dowéinst wollt ech meng Froe nach eemol widderhuelen a besonnesch op de Buergermeeschter an op de Schäfferot ausriichten:

1. Ass der Madame Minister e rezente Fall bekannt, an deem e Buergermeeschter oder e Member vum Schäfferot u Reuniounen, Deliberatiounen oder Decisioune **vum Buergermeeschter- a Schäfferot** matgewierkt hätt, an deenen hien oder si e perséinlechen Interessi hätt? Wa jo, a wéi enger Gemeng? Wéi eng Deliberatiounen oder Decisioune ware betraff?
2. Sollt dat de Fall sinn, wéi reagéiert d'Madame Banneminister op déi Situatioun, ënner anerem och am Hibléck op den Artikel 20 vum Gemengegesetz?
3. Gëtt et Jurisprudenzen an deem Beräich? Wa jo, kann d'Madame Minister der Chamber déi relevant Conclusioune matdeelen ?
4. Konnt d'Madame Minister Irregularitéiten oder Illegalitéiten am Fonctionnement vun engem **Buergermeeschter- a Schäfferot**, och z.B. am Hibléck op den Artikel 245 vum Strofgesetzbuch, feststellen a, wa jo, huet si iergendwellech Faiten un de Parquet viru ginn?
5. Huet d'Madame Minister, z.B. opgrond vum Art. 23 vum Gesetz iwwert d'Strofprozedur, dem Parquet Faiten denoncéiert, déi Deliberatiounen oder/an Decisiounen vun engem **Buergermeeschter- a Schäfferot** concernéieren?
6. Wann d'Madamm Minister esou Faite sollt gewuer gi sinn, awer déi net dem Parquet matgedeelt hätt, firwat huet d'Madame Banneminister dat da net gemaach?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten